## Sommaire


1. **Ouverture de la séance publique** p. 22

   M. Claude Wiseler, Président

2. **8704 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire** p. 22

   Rapport de la Commission de la Justice : Mme Stéphanie Weydert

   Discussion générale : Mme Stéphanie Weydert | Mme Carole Hartmann | M. Dan Biancalana | M. Dan Hardy | Mme Sam Tanson | M. Sven Clement | M. David Wagner

   Prise de position du Gouvernement : Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice | Mme Sam Tanson (parole après ministre) | Mme la Ministre Elisabeth Margue

   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8704 et dispense du second vote constitutionnel

3. **Heure de questions au Gouvernement** p. 25

   **Question n° 350 du 21 mai 2026 de M. André Bauler relative à l'avenir des administrations fiscales de Clervaux et de Wiltz, adressée à M. le Ministre des Finances** p. 25

   M. André Bauler | M. Gilles Roth, Ministre des Finances

   **Question n° 347 du 21 mai 2026 de Mme Taina Bofferding relative à la soumission chimique, aux gouttes K.-O. et à la prévention, adressée à Mme la Ministre de la Justice** p. 25

   Mme Taina Bofferding | Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice

   **Question n° 348 du 21 mai 2026 de Mme Stéphanie Weydert relative aux modifications de la loi sur les ASBL et au processus de consultation, adressée à Mme la Ministre de la Justice** p. 26

   Mme Stéphanie Weydert | Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice

   **Question n° 349 du 21 mai 2026 de Mme Sam Tanson relative à la protection de l'environnement par le droit pénal et la question de l'écocide, adressée à Mme la Ministre de la Justice** p. 27

   Mme Sam Tanson | Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice

   **Question n° 346 du 21 mai 2026 de M. Ricardo Marques relative à la prolifération de la bernache d'Égypte et aux mesures de régulation, adressée à M. le Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité** p. 27

   M. Ricardo Marques | M. Serge Wilmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

   **Question n° 351 du 21 mai 2026 de M. Dan Hardy relative au plan national de lutte contre la pauvreté, adressée à M. le Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil** p. 28

   M. Dan Hardy | M. Max Hahn, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil

   **Question n° 352 du 21 mai 2026 de M. Marc Hansen relative à la future participation à l'Eurovision Song Contest, adressée à M. le Premier ministre** p. 29

   M. Marc Hansen | M. Luc Frieden, Premier ministre

   **Question n° 353 du 21 mai 2026 de M. Sven Clement relative à la mise en place de la hotline 119 pour les personnes en crise suicidaire, adressée à Mme la Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale** p. 29

   M. Sven Clement | Mme Martine Deprez, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale

   **Question n° 354 du 21 mai 2026 de Mme Francine Closener relative à la violence juvénile et aux agressions sur le trajet scolaire, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** p. 30

   Mme Francine Closener | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

4. **Motion de Mme Francine Closener relative à la lutte contre les inégalités éducatives et la pauvreté infantile** p. 30

   Exposé : Mme Francine Closener

   Discussion générale : M. Ricardo Marques | M. Gilles Baum | M. Fred Keup | Mme Djuna Bernard | M. Sven Clement

   Vote sur la motion (rejetée)

5. **Question élargie n° 90 de Mme Francine Closener au sujet des écoles privées au Luxembourg** p. 32

   Mme Francine Closener | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Francine Closener | M. le Ministre Claude Meisch

6. **8471 – Proposition de loi portant modification de l'article L. 233-16 du Code du travail** p. 34

   Rapport de la Commission du Travail : M. Mars Di Bartolomeo

   Discussion générale : Mme Stéphanie Weydert (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | Mme Carole Hartmann | M. Mars Di Bartolomeo | M. Michel Lemaire | Mme Djuna Bernard | M. Sven Clement | M. David Wagner (interventions de Mme Stéphanie Weydert et M. Meris Sehovic)

   Prise de position du Gouvernement : Mme Martine Deprez, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale

   Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 8471 (rejeté)

7. **8648 – Projet de loi portant modification du Code de la consommation en vue de la transposition de la directive (UE) 2024/825 du Parlement européen et du Conseil du 28 février 2024 modifiant les directives 2005/29/CE et 2011/83/UE pour donner aux consommateurs les moyens d'agir en faveur de la transition verte grâce à une meilleure protection contre les pratiques déloyales et grâce à une meilleure information** p. 39

   Rapport de la Commission de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture : Mme Stéphanie Weydert

   Discussion générale : Mme Stéphanie Weydert | M. Gusty Graas | Mme Paulette Lenert (intervention de M. André Bauler) | Mme Alexandra Schoos | Mme Joëlle Welfring | M. David Wagner

   Prise de position du Gouvernement : Mme Martine Hansen, Ministre de la Protection des consommateurs

   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8648 et dispense du second vote constitutionnel

8. **8691 – Projet de loi portant changement de limites entre la Commune de Käerjeng et la Commune de Pétange** p. 43

   Rapport de la Commission des Affaires intérieures : Mme Nathalie Morgenthaler

   Vote sur l'ensemble du projet de loi 8691 et dispense du second vote constitutionnel

9. **Désignation d'un candidat pour le poste de conseiller d'État** p. 43

   M. Claude Wiseler, Président | Mme Paulette Lenert


Présidence : M. Claude Wiseler, Président

Au banc du Gouvernement : M. Luc Frieden, Premier ministre ; Mme Martine Hansen, M. Claude Meisch, M. Max Hahn, M. Gilles Roth, Mme Martine Deprez, M. Serge Wilmes, Mme Elisabeth Margue, Ministres

*(La séance publique est ouverte à 14.00 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

## 2. 8704 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

Als éischte Punkt op eisem Ordre du jour vun de Mëtte steet de Projet de loi 8704 iwwert d'Grënnung vun enger zousätzlecher Cour bannent der Cour d'appel. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet 10 Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéiten hu 5 Minutten, d'Regierung huet 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Stéphanie Weydert, d'Madamm Carole Hartmann, den Här Dan Biancalana, den Här Dan Hardy, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dem Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert. Madamm Weydert.

***Rapport de la Commission de la Justice***

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), rapportrice | Villmools merci, Här President. Schéine gudde Mëtteg alleguerten. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Ministesch, haut stellen ech Iech de Gesetzesprojet Nummer 8704 vir, deen eng punktuell, mee wichteg Upassung um ofgeännerte Gesetz vum 7. Mäerz 1980 iwwert d'Justizorganisatioun virgesäit.

Mat dësem Gesetz schafe mer nämlech eng zousätzlech Strofkummer fir déi zweet Instanz, also op der Cour d'appel, an dës nei Chambre pénale gëtt dann och mat den néidege Magistratsposte besat. Domat soll garantéiert ginn, datt strofrechtlech Affären och an der Appellinstanz an engem räsonabelen Delai kënnen traitéiert ginn. Dës Neierung wäert fir d'Rentrée judiciaire de 16. September dëst Joer a Kraaft trieden.

Et geet ëm eng konkreet Äntwert op e reelle Besoin, deen um Terrain entstanen ass an dee souwuel vum President vun der Cour supérieure de justice wéi och vum Procureur général d'État un d'Justizministesch erugedroe gouf.

Wat déi fënnef Posten ugeet, déi fir d'Strofkummer virgesi sinn, sinn dëst dräi Magistraten op der Cour d'appel, notamment ee Président de chambre, ee Premier conseiller an ee Conseiller à la Cour d'appel, an zwee zousätzlech Membere vum Parquet général, notamment ee Premier avocat général an een Avocat général. Dat Ganzt huet e budgetären Impakt vu ronn enger Millioun Euro am Joer.

D'Gesetz vum Plan pluriannuel vum Rekrutement an der Magistratur vum Juli 2024 hat 12 Chambere mat de jeeweilege Magistrate fir de September 2025 virgesinn, an dat ass och aktuell de Stand. An do war awer och virgesinn, datt ab September dëst Joer 13 Chambere sollten op der Cour d'appel sinn. A mat dësem Projet de loi wäert d'Cour d'appel ab elo dëst Joer da 14 Kummeren hunn.

Dës zousätzlech Chambre pénale bei der Cour d'appel ass néideg, well – mir wëssen et alleguerten – d'Kriminalitéit leider net manner gëtt. An an éischter Instanz si schonn zousätzlech Strofkummere geschaf ginn, déi dësem Trend dann och Rechnung droen. Et ass soumat wichteg, hei an zweeter Instanz op de selwechte Wee ze goen an déi zousätzlech Strofkummer ze schafen.

Prozedural ass de Gesetzesprojet den 11. Februar dëst Joer vun der Justizministesch Elisabeth Margue an der Chamber deposéiert ginn an en ass de selwechten Dag dann och un d'Justizkommissioun verwise ginn.

D'Cour supérieure de justice huet an hirem Avis ënnerstrach, datt d'Schafe vun enger zousätzlecher Strofkummer op der Cour d'appel eng Lück fëllt, déi duerch déi viregt Rekrutementsplanung entstanen ass. Si huet de Projet ouni Reserv ënnerstëtzt an de Wonsch ausgedréckt, datt en a kuerzer Zäit kéint ugeholl ginn. Ech mengen, den Delai ass jo och elo net esou wäit, vu Februar bis ... Mir sinn elo am Mee. Dat heescht, dat war ganz séier gaangen, wou mer de Projet hei an d'Chamber konnten huelen.

Och de Parquet général huet a sengem Avis déi selwecht Analys gemaach. Si hunn drop higewisen, datt d'Zuel vun den Appellen an de leschte Jore geklommen ass an hunn notamment och ganz konkreet Zuele genannt: 282 Dossieren am Joer 2021, 381 am Joer 2022, 414 am Joer 2023, 454 2024 an dann d'lescht Joer 559 Affären. An dat weist eng däitlech Entwécklung an och eng Verdueblung vun de strofrechtlechen Dossiere bannent fënnef Joer. Et geet also net ëm eng abstrakt Prognos, mee ëm eng Realitéit.

De Conseil national de la justice hat a sengem Avis keng Observatiounen.

An de Staatsrot huet a sengem Avis vum 27. Mäerz och keng Awänn zum Gesetzesprojet. De Staatsrot huet awer regrettéiert, dass just eng quantitativ Approche op Basis vun der Unzuel vun de Magistrate gemaach gouf, ouni awer déi reell Aarbechtslaascht an och de Schwieregkeetsgrad vun den Dossieren ze analyséieren. Eng gutt Justizorganisatioun brauch net nëmme méi Ressourcen, wann d'Besoine klammen, mee och Instrumenter, fir déi Ressourcë richteg ze plangen an effizient anzesetzen. De Staatsrot huet recommandéiert, den Intitulé méi neutral a méi genee ze formuléieren, an dat huet d'Justizkommissioun dann och opgegraff an den Intitulé ugepasst.

An der Reunioun vum 23. Abrëll huet d'Madamm Justizministesch de Projet an der Justizkommissioun presentéiert an ech gouf als Rapportrice designéiert. An de 7. Mee dëst Joer hu mer du mäi schrëftleche Rapport ugeholl.

Domat géif ech da mäin Deel als Rapportrice schléissen an ech verweise fir weider Detailer op mäi schrëftleche Rapport. Mee erlaabt mer nach zwee Wuert als mandatéiert Spriecherin vun der CSV.

***Discussion générale***

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass immens wichteg, dass et grad a strofrechtlechen Affären net ze laang dauert, bis e finaalt a rechtskräftegt Urteel do ass. Et ass souwuel am Sënn vun den Affer, mee awer och vun de presuméierten Täter, dass mer wëssen, wou mer dru sinn, dass mer eng Rechtssécherheet schafen. Well d'Vertrauen an d'Justiz entsteet net nëmmen duerch gutt Gesetzer, mee och duerch eng Justiz, déi hir Aarbecht mat den néidege Mëttelen an och an engem räsonabelen Delai maache kann. Et ass soumat eng konkreet Moossnam, fir d'Effikassitéit vum Rechtsstaat ze verbesseren an d'Delaien ze reduzéieren.

Domat soen ech Iech Merci an ech ginn heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen der Madamm Weydert Merci fir hire schrëftlechen a fir hire mëndleche Rapport. An déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Jo, villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, an eisem Rechtsstaat ass den drëtte Pouvoir, de Pouvoir judiciaire, e ganz, ganz wichtegen, an dofir brauch en och Moyenen. Hei gi mer dem Pouvoir judiciaire ganz spezifesch um Niveau vun dem Droit pénal, bei der Cour d'appel a beim Parquet général, weider Moyens en personnel. Dat ass an der Kontinuitéit vun dem Plan de recrutement an och zousätzleche Plazen, déi schonn 2024 geschaaft goufen.

Dat ass wichteg, fir dass eis Justiz d'Moyenen huet fir déi méi Affären, awer och déi méi komplex Affären. An ech mengen, dat ass och e weesentleche Punkt: Et si virun allem och méi komplex juristesch Affären, mat deenen eis Geriichter befaasst ginn, déi dann och nach vu méi Chamberen hei kënnen evakuéiert ginn. Nodeems d'éischt Instanz, wat och de Penal ugeet, am Gesetz vun 2024 ugepasst gouf, hu mer hei dann nach déi zousätzlech Chambre pénale och um Niveau vun der Cour d'appel.

Dat eent sinn d'Moyens en personnel. Dat anert sinn natierlech och soss Moyenen am Fonctionnement. Duerfir wëll ech och soen, dass och de Pool des magistrats, deen nach en cours ass, eppes ganz Wichteges wäert sinn, fir och nach ëmzesetzen. Zousätzlech d'Digitalisatioun vun eiser Justiz an och d'Vereinfachung vun de Prozeduren, wat mer schonn ugefaangen hunn och an der leschter Legislatur, wou et dréms gaangen ass, verschidde Prozeduren och méi séier ze maachen. Dat sinn alles Elementer, déi eiser Justiz sollen erlaben, sech ze moderniséieren, an dann och fir déi Concernéiert, dass hir Contentieuxen awer an engem Délai raisonnable kënnen evakuéiert ginn. Well et ass ganz wichteg: Hanner all den Affäre sti Mënschen, an déi Mënschen hunn e Recht, dass hire Prozess och an engem räsonabelen Delai kann duerchgefouert ginn.

Als Demokratesch Partei ënnerstëtze mer dëse Gesetzesprojet, ënnerstëtze mer eis Justiz hei mat méi Moyenen, an duerfir géif ech heimadder den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet ginn. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Hartmann. Den Här Dan Biancalana huet elo d'Wuert. Här Biancalana.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, mir diskutéieren haut net nëmmen iwwer eng Organisatiounsännerung am Justizsystem. Haut geet et och drëm, dass de Rechtsstaat net un de Kapazitéitsgrenze vun den Institutioune scheitere soll an och dass den Délai raisonnable agehale soll ginn.

Mir diskutéieren och d'Fro, ob eis Biergerinnen a Bierger drop ziele kënnen, dass d'Justiz séier, zougänglech a verlässlech funktionéiert. An dat ass net eng Detailfro. Wann eng Prozedur ze laang dauert, da geet dat au détriment vum Vertrauen an d'Justiz, au détriment och vum Ugekloten an och vun den Affer. A wann eng Affär ze laang dauert, da verléiert d'Justiz un Autoritéit, mee och u Vertrauen. A Vertrauen an d'Justiz ass kee Luxus, et ass d'Basis vum Fonctionnement vun der Justiz.

Dofir ass dëse Projet richteg an néideg an hie reagéiert – an d'Virriedner hunn et gesot – op eng Realitéit, well d'Belaaschtung wiisst weider. Dëse Projet déngt also och kengem Selbstzweck.

Mir hunn d'Verantwortung, hei Gesetzer ze stëmmen, déi de Personalmanktem behiewe sollen. De Programme pluriannuel de recrutement, wou méi wéi 100 Riichteren an Attachéen agestallt solle ginn, ass e grousse Schratt, fir der Justiz ze hëllefen. Donieft sinn d'Gesetzer iwwert d'Référendaires de justice, d'Reform vum Accès zu der Magistratsfunktioun souwéi och de Gesetzesprojet vun haut wichteg Stëtzpfeiler, fir net nëmmen d'Aarbecht vun der Magistratur ze entlaaschten, mee och am Allgemengen d'Geriichter an d'Magistratur ze stäerken.

Am Mäerz dëst Joer – dat ass also nach ganz rezent – huet de Conseil national de la justice eng Recommandatioun iwwert d'Moyene géint d'Penurie vun de Magistraten erausginn. Och wann een elo iwwert déi verschidde Mesüren diskutéiere kann – zum Beispill d'punktuellt Asetze vu pensionéierte Riichteren –, datt de Conseil national iwwerhaapt esou Recommandatioune mécht, weist d'Aktualitéit vun der Situatioun. Ech hat och dozou eng Question parlementaire gestallt. An d'Äntwert steet menges Wëssens nach aus.

An de Recommandatiounen ass ze liesen, dass bis zu 20 % vum Effectif duerch Laangzäitabsencë bedéngt sinn a ganzer 50 Poste vacant sinn am Ordre judiciaire op dëse Januar. Dobäi kommen nach néng Postes vacants am Ordre administratif. Dat si vill Plazen, déi fräi sinn am Pouvoir judiciaire, wou eleng duerch den demografesche Wuesstum méi Fäll op d'Geriicht kommen an nach komme wäerten.

D'Justiz, jo, si brauch Personal, si brauch eng gutt Organisatioun an och eng laangfristeg Strategie. De Projet vun haut schaaft also eng zousätzlech Chambre pénale an der Cour d'appel a gesäit och gläichzäiteg fënnef nei Magistratsplaze vir. Wéi gesot, dat ass d'Konsequenz vun enger Realitéit, déi d'Justiz selwer och beschreift: méi Dossieren, méi Appellfäll an och

méi Drock op déi verschidden Instanzen. D'Cour supérieure de justice an de Parquet général begréissen dëse Projet. Si weisen op d'Notwendegkeet vun der Verstäerkung hin.

Mee Posten eleng maachen nach keng qualitativ gutt Justiz. Reforme brauchen och eng seriö Analys, eng kloer Planung an och eng modern Gestioun. An de Staatsrot huet mat Recht drop higewisen a sengem Avis, dass een d'Belaaschtung net just mat Zuelen, mee och mat enger klorer, preziser Analys muss bewäerten. Also nieft enger quantitativer Approche brauch een och eng qualitativ Approche, fir och de Workload pro Magistrat méi prezis ze analyséieren.

An duerfir ofschléissend, ier ech hei den Accord vun der LSAP ginn, och nach d'Fro dann un d'Madamm Justizminister: Wat ass Är Aschätzung? Wat ass Är Äntwert op déi Remarken, déi de Staatsrot a sengem Avis, wéi gesot, gemaach huet? A wéi gedenkt Der, do virzegoen?

Ech soen Iech Merci a ginn heimat den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Biancalana. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Dan Hardy. Här Hardy, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Hardy** (ADR) | Merci, Här Chamberpresident. Léif Dammen an Hären, d'ADR begréisst dëse Gesetzesprojet, deen eng weider Stäerkung vun eiser Justiz virgesäit duerch d'Schafe vun enger neier strofrechtlecher Chamber bei der Cour d'appel mat zousätzleche Magistrateposten.

An eisem Walprogramm hu mir kloer ënnerstrach, datt d'Justiz déi néideg qualitativ a quantitativ Mëttele muss kréien, fir hire wichtegen Aufgabe gerecht ze ginn an d'Decisiounen a verstännegen Delaien ze garantéieren.

D'Entwécklung vun eiser Gesellschaft, de Wuesstem vun der Bevëlkerung an déi ëmmer méi komplex Forme vu Kriminalitéit maachen et néideg, eis Justiz reegelméisseg un déi nei Erausfuerderungen unzepassen.

Och an der Vergaangenheet huet d'ADR ëmmer nees op d'Problematik vun ze laange Prozeduren an enger ze lueser Justiz higewisen. Eng Justiz, déi net bannent engem räsonabelen Delai decidéiert, schwächt d'Vertraue vun de Bierger, a grad dowéinst ass et wichteg, datt déi néideg Mëttele bereetgestallt ginn, fir d'Geriichter ze entlaaschten an d'Prozeduren ze beschleunegen.

Et weist sech kloer, datt och den Drock op d'Cour d'appel an deene leschte Joren däitlech zougeholl huet. Fir d'ADR ass eng effizient Justiz net nëmmen eng Noutwennegkeet, mee eng weesentlech Viraussetzung, fir d'Vertraue vun de Bierger an eis Institutiounen ze erhalen.

Eng Justiz, déi méi séier, effikass a qualitativ héichwäerteg funktionéiert, dréit weesentlech zu der Rechtssécherheet bäi. Dofir wäert d'ADR dëse Projet matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Hardy. Déi nächst Riednerin ass d'Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Erlaabt mer, vläicht fir d'éischt awer de Rapport vun der Madamm Weydert e bëssen ze komplettéieren, well et ass nämlech esou, dass déi Chambre, iwwert déi mer haut ofstëmmen, eigentlech schonn an deem ursprénglече Plan pluriannuel virgesi war.

Si ass dunn erausgefall – an ech kommen herno dozou, firwat ech dat soen. Et ass net just eng Fro vun Urheberschaft. Et geet och dorëm, wéi mer weiderfueren. Si ass dunn erausgefall, wéi dee Plan pluriannuel, dee jo sollt bis 2029 goen, an zwee scindéiert ginn ass a wéi gesot ginn ass: „Mir schafen elo just Poste bis 2026 inclus." An dunn ass en zweete Projet entstanen, deen ass dunn 2024 op den Instanzewee gaangen, wou da sollt e Pool vun enger 100 Magistrate geschafe ginn, déi da beim CNJ ugesidelt wären. Do gëtt et Oppositions formelles vum Staatsrot op deem Text. An dee läit säitdeem an der Prozedur.

Dat heescht, dat, wat elo hei geschitt, war eigentlech schonn 2023 geplangt. Dat steet d'ailleurs och an den Avise vun den Autorités judiciaires, déi soen, et wier elo héich Zäit, vu dass déi Kummere geschafe gi si beim Tribunal d'arrondissement, dass een och misst op der Cour d'appel esou eng zousätzlech Chamber schafen.

Elo awer meng konkreet Fro och un d'Madamm Ministesch. Natierlech stëmme mer dat heite mat. Dat war jo, wéi gesot, schonn dräi Joer laang geplangt. Dee Pool vun Attachéen, deen hat dat Gesetz ... Also den zweeten Deel da vum Plan pluriannuel, den 8299B, hat eigentlech virgesinn, dass nach 100 zousätzlech Poste sollte geschafe ginn. Dorënner wären der dann och laut deem Text 50 virgesi fir eigentlech elo. Dat gëtt net kompenséiert duerch deen Text, deen elo hei virläit. Ech hat an der Kommissioun och d'Fro gestallt, wou dat drun ass. Dat heescht, et géing mech interesséieren, wéi Der gedenkt, weiderzefuere mat deem Text iwwert de Pool vun de Magistraten, dee soll ugesidelt ginn um CNJ. Wann Der do ze vill héich Obstakele gesitt, well den Text ass awer elo zwee Joer um Instanzewee, ouni dass et weidergaangen ass, wat sinn Alternativen? Oder sot Der, mir schafen déi Posten elo net méi? Gëtt un engem neie Plan pluriannuel geschafft fir déi Period no dësem Joer? A wa jo, a wéi enger Echance kënne mer domadder rechnen? A wann nee, firwat kënnt dat net?

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Tanson. Den Här Sven Clement huet elo d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. D'Zuele schwätze jo eng eendeiteg Sprooch. Mir hunn innerhalb vu fënnef Joer quasi eng Verduebelung vun den Acte-d'appelle gesinn. Deementspriechend ass et nëmmen normal, datt een och muss personell noleeën. An dofir wäerte mer och deen Text hei ënnerstëtzen.

D'Fro, déi sech natierlech stellt, ass, wéi et mat der Gesamtpipeline bei der Justiz – an d'Madamm Tanson ass zum Deel dorobber elo agaangen – ausgesäit. Mir hunn einfach a verschiddene Beräicher nach ëmmer immens laang Delaien zwëschent dem Ufank vun enger Affär, bis se dann zum Ofschloss kënnt, soudatt mer eis ganz heefeg schonn d'Fro musse stellen, ob mer iwwerhaapt nach an engem Délai raisonnable sinn. An dat ass jo och eppes, wat an den Instanze reegelméisseg mëttlerweil vun den Affekoten opbruecht gëtt, fir iwwerhaapt op Basis vum Délai raisonnable ..., ob mer do nach dra sinn. An dofir begréisse mer, datt hei eppes geschitt.

D'Fro ass, ob et duergeet, wann ee sech virstellt, datt mer hei wierklech vun enger Verdueblung vun den Akten a fënnef Joer schwätze, awer net vun enger Verdueblung vum Personal, dat u sech zur Verfügung steet, soudatt een u sech scho kann anticipéieren, datt dat heiten an der Zukunft nach wäert weider wuessen.

D'Zil vun eis alleguerte soll sinn, datt mer d'Zäit op de Geriichter esou kuerz wéi méiglech kréien, soudatt d'Leit och séier Gewëssheet hunn, souwuel d'Affer wéi déi presuméiert Täter, an datt mer eeben dofir dann och déi personell Méiglechkeete ginn. Dat fënnt ëmmer eis Ënnerstëtzung an dofir wäerte mer och dat heite matstëmmen.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, mir ginn dësem Projet de loi och eis Ënnerstëtzung.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

An da géing ech der Regierung d'Wuert ginn. Madamm Justizministesch.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Elisabeth Margue,** Ministre de la Justice | Merci, Här President. An ech erlabe mer fir d'éischt, Iech all Merci ze soe fir dee breede Support fir dësen Text, a besonnesch och der Madamm Rapportrice fir hire ganz extensive Rapport.

Wéi Der richteg gesot hutt, schafe mer eng zousätzlech Chamber op der Cour d'appel, wat effektiv d'Suite ass vun deem Plan pluriannuel, dee mer gemeinsam och hei gestëmmt hunn, deen d'Schafe vu 94 Poste virgesäit.

Et ass esou, datt dee Moment och de Pool de réserve deposéiert gi war. An ech mengen, Dir hutt d'Fro gestallt: „Wéi geet et mat deem weider?" Dir wësst, datt de Staatsrot do och eng zimmlech prinzipiell Opposition formelle gemaach huet, fir ze soen, datt en u sech déi Flexibilitéit, déi mer schafe wollten, fir eebe kënnen der Magistratur och d'Méiglechkeet ze ginn, méi cibléiert op d'Besoinen anzegoen, awer e bësse problematesch gesäit, soudatt mir elo en attendant mat cibléierten Nobesserunge weiderfueren, sou wéi déi heiten et och ass.

Ech mengen, et muss een och soen, datt deemools, wéi dee Plan pluriannuel presentéiert ginn ass, awer och vun der Magistratur gesot ginn ass: „U, 200 Posten! Dat schéngt eis awer e bësse vill. Wéi kënne mer dat verdauen?" An Dir hutt et och richteg opbruecht: Et sinn nach eng Rei Poste fräi bei der Magistratur. Dowéinst hu mer dat Gesetz och d'lescht Joer hei gestëmmt, wou mer den Accès zur Magistratur e bësse méi breet opgemaach hunn a wou een och muss soen, datt et seng éischt Friichte gedroen huet mat 42 Rekrutementer d'lescht Joer, Leit, déi zréckbehale gi sinn. Mir hunn och dëst Joer e Rekrutement en cours, wou och eng ganz héich Demande vum Terrain do ass. Dat heescht, ech mengen, dat ass ganz positiv.

An ech mengen, et muss een elo gemeinsam, an dat beäntwert och dem Här Biancalana seng Fro ... Ech mengen, mir hunn een Acteur geschaf an der Constitutiounsreform. Dat ass de CNJ, deen zoustänneg ass fir d'Organisatioun, de bon Fonctionnement vun der Justice. A mat deem wäerte mer natierlech och déi Echangen hunn, wéi si et an Zukunft gesinn, wéi si hir aktuell Situatioun gesinn, sachant, datt mer iwwerhaapt och emol mussen déi Poste besetzen, déi mer schafen.

Mee dat hei war, wéi gesot, och eng cibléiert Demande vum Terrain, fir eeben och deem Rechnung ze droen, datt an éischter Instanz zousätzlech Ressourcen zur Verfügung gestallt ginn. Da musse mer natierlech och an zweeter Instanz der Saach nokommen.

Op alle Fall villmools merci fir dee breede Support.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Ministesch. Dann hunn ech nach eng Wuertmeldung dozou. Madamm Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech hat jo d'Fro gestallt, ob dann elo keen neie Plan pluriannuel géing gemaach gi fir d'Rentrée 2027. Mir wësse jo, dat hëlt ëmmer eng gewëssen Zäit. Do hunn ech elo d'Äntwert dorobber net héieren. Oder ass dat just de CNJ, deen dann eng Propos mécht? Wéi gitt Der elo do vir? Well déi Plan-pluriannuelle jo eng laang Traditioun hunn, géing mech just interesséieren, ob dat net méi geplangt ass. Merci.

**Mme Elisabeth Margue,** Ministre de la Justice | Ech hunn nach net ugefaangen, un engem neie Plan pluriannuel ze schaffen, well eeben déi Poste fräi sinn, déi aktuell fräi sinn, a well ech, mengen ech, awer och misst mam CNJ, deen hei de beschtplacéierten Acteur ass, déi Echangë féieren. Et ass elo nach net virgesinn, mee woufir mer eis awer ganz kloer engagéieren – an dat heiten ass een Deel vun deem Engagement –, ass, do, wou Besoin ass, do, wou si eis signaléieren: „Do brauche mer Leit", ze agéieren.

Mee ech mengen awer och, datt et elo net onbedéngt just drëm geet, elo massiv Posten ze schafen, mee mir musse kucken: Wou si se néideg? Wou hänkt et? Wéi verdaue mer all déi Leit, déi mer elo rekrutéieren? Well, wéi gesot, mir hu mat 41, 42 Leit vill méi rekrutéiert, wéi mer déi Jore virdru rekrutéiert hunn, an d'Magistratur muss dat och verdauen hannendrun, soudatt ech mengen, datt et elo vläicht e bësse fréi ass, fir déi do Decisioun schonn ze huelen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Ministesch. Domat ass dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

A mir géingen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8704 kommen. Ech gesinn, datt nach eng Rei Leit net ageloggt sinn. Ech géing Iech also bieden, dat ze kontrolléieren, éier ech de Vott opmaachen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8704 et dispense du second vote constitutionnel***

Ok, ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmme géint keng Nee-Stëmm bei kenger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par M. Marc Lies), Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen (par Mme Stéphanie Weydert), Paul Galles (par M. Laurent Zeimet), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert (par Mme Françoise Kemp), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Maurice Bauer) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par Mme Corinne Cahen), Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gérard Schockmel) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 3. Heure de questions au Gouvernement

Da komme mer zum zweete Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten, an zwar enger Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 83 vum Chamberreglement huet den Deputéierten 2 Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung huet 4 Minutten Zäit fir ze äntweren.

Aus organisatoresche Grënn hu mer d'Fro Nummer 350 vum Här Bauler mat der Fro Nummer 346 vum Här Ricardo Marques an der Reiefolleg, wéi se hei opgeruff ginn, getosch.

Dowéinst fänke mer dann elo u mat der Fro Nummer 350 vum Här André Bauler un den Här Finanzminister iwwert d'Zukunft vun de Steierverwaltunge vu Clierf a Wolz. An den Här Bauler huet d'Wuert.

**– Question n° 350 du 21 mai 2026 de M. André Bauler relative à l'avenir des administrations fiscales de Clervaux et de Wiltz, adressée à M. le Ministre des Finances**

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Virun engem Joer gouf et am Éislek eng Diskussioun ronderëm d'Reorganisatioun vun de Steierverwaltungen an de Kantone Clierf a Wolz. De Finanzministère hat am Juni 2025 preziséiert, datt d'Steierbüroen zu Wolz an am Kanton Clierf erhale bleiwe wäerten. Well déi aktuell Raimlechkeeten net méi de Sécherheets- an den Accessibilitéitsnormen entspriechen, war gesot ginn, dass no alternative Sitten am Austausch mat de betraffene Gemenge géif gesicht ginn.

An dofir wollt ech dem Här Finanzminister follgend Froe stellen:

Wou ass deen Dossier momentan drun? Konnte schonn nei Gebailechkeete fir d'Steierverwaltung Wolz fonnt ginn?

Wéi gesäit et mam Steierbüro Clierf aus? Kënnt deen definitiv an d'Gemeng Parc Housen? An ass do scho vläicht e Kontrakt ënnerschriwwe ginn, fir Raimlechkeeten ze lounen?

Wäerten dës regional Antenne vun der Steierverwaltung hire Personalstaff behalen oder gëtt vläicht souguer dru geduecht, dëse bei Bedarf opzestocken?

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Bauler. Här Finanzminister.

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | Merci dem Här Bauler. Dat Éischt virewech: Mir hale Wuert, Här Bauler. Dës Regierung steet fir eng Politick an eng Verwaltung no bei de Leit. Duerfir schaffe mir och weider u gudde Léisunge fir den Norden an de ländleche Raum.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | A wéi Der wësst, soll 2028, wann net schonns Enn 2027, en neien, moderne Site zu Housen opgoen. Och zu Ettelbréck wäert en neien Nordstadsite entstoen. Zwee nei Sitten also fir e bessere Service un dem Bierger, well eng biergerno Steierverwaltung muss och accessibel fir de Public sinn. A wéi Der och wësst, sinn dës Viraussetzunge fir déi aktuell Steierbüroen net méi ginn.

Nun, wat geschitt virop mat de Leit mat spezifesche Besoinen, well déi an de besteeënde Raimlechkeete kee gudden Accès hunn? An duerfir erkläert sech och déi Sich no Alternativen. A mir bleiwen och do weiderhin am Austausch mat de Gemengeverantwortlechen.

Nu konkreet wat de Site zu Wolz ugeet, esou ass de Steierbüro zu Wolz onverännert haut och nach ëmmer a Betrib. Enn 2026 soll hei en neit Gebai am Kader vum Projet „Wunne mat der Wooltz" fäerdeggestallt ginn, wou och e Büro vun der Steierverwaltung wäert ënnerkommen a wou d'Bierger wärend verschiddenen Deeg vun der Woch op Rendez-vous och kënne gehollef kréien. Lescht Gespréicher an deem Sënn mat de Gemengeresponsabele gouf et nach Ufank vun der Woch um Bord vun enger anerer Reunioun, déi d'Servicer vun der Steierverwaltung mat der Gemeng Wolz haten.

Nun zu dem Site Clierf. Do huet am Februar dëst Joer nach eng Visitt vun engem Gebai op der Plaz stattfonnt. Bei deem Gebai huet sech allerdéngs erausgestallt, dass et net de Besoine vum Staat géing entspriechen. Duerfir ass och d'Sich zu Clierf no engem alternative Site nach net ofgeschloss, mee ech sinn optimistesch, dass och hei wäert eng adequat Léisung fonnt ginn. Eis Servicer stinn op alle Fall weider a Kontakt mat de Gemengeverantwortleche vun deenen zwou Gemengen, fir eng passend Léisung ze fannen.

Fir mech ass et op jidde Fall kloer, dass souwuel zu Clierf wéi zu Wolz e Steierservice fir d'Leit weider wäert bestoen. A mir schaffen duerfir weider u gudden Déngschtleeschtungen, fir och eng vergläichbar Liewensqualitéit iwwerall am Land ze hunn. Dat läit mir als Finanzminister, mee och als fréierem Deputéierten an och als Buergermeeschter ganz perséinlech um Häerz.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Finanzminister.

Mir kommen zur Fro Nummer 347 vun der Madamm Taina Bofferding un d'Madamm Justizministesch iwwert d'cheemesch Betäubung, d'K.-o.-Drëpsen an d'Preventioun. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 347 du 21 mai 2026 de Mme Taina Bofferding relative à la soumission chimique, aux gouttes K.-O. et à la prévention, adressée à Mme la Ministre de la Justice**

**Mme Taina Bofferding** (LSAP) | Jo, genau, Här President. Am Hibléck op nei Forme vu Gewalt géint Fraen, wéi d'Soumission chimique ... Bon, ech mengen, deene meeschten dierft de Fall Pelicot a Frankräich bekannt sinn, soudatt ech net weider muss erklären.

Effektiv, den Asaz vu K.-o.-Drëpsen hëlt iwwerall an Europa zou. Ech verweisen och op déi „Online Rape Academy", wou Millioune vu Männer sech online doriwwer ausgetosch hunn, wéi ee Fraen ënner Droge stellt, se da filmt, mësshandelt a vergewaltegt. Do stellt sech eeben d'Fro a Bezuch vum Strofbestand, och der ganzer Preventioun.

Ech weess, dass et do scho Question-parlementairë gouf. Elo ass et awer esou, dass an Däitschland hiert Kabinett jo decidéiert huet, dass den Asaz vu K.-o.-Drëpsen als Waff an och als geféierlechen Outil agestuuft gëtt an, wann et dann zu enger